



Dispens vum zweete Vote?

**(Assentiment)**

D'accord. Merci.

Da komme mer zum Accord betreffend Mol-dawien. Dat ass de Projet 6731.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6731 et dispense du second vote constitutionnel**

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An de Vote ass eriwwer.

Datselwecht Resultat: 58 Jo-Stëmmen, 2 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

D'Dispens vum zweete Vote, sidd Der d'accord?

**(Assentiment)**

Dann ass dat esou décidéiert.

An dann dee leschten Accord ass dee betreffend d'Ukrain, de 6732.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6732 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. D'perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An de Vote ass ofgeschloss.

De Projet ass ugehall mat 55 Jo-Stëmmen, 2 Nee-Stëmmen an 3 Abstentiuonen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

An nach eng Kéier: Dispens vum zweete Vote?

**(Brouhaha)**

Jo?

► **Plusieurs voix.** - Jo!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Dann ass dat och esou décidéiert.

Da komme mer zum leschte Projet vun de Mëten. Do geet et ëm de Projet 6598. Et ass de Finanzementsprojet fir d'Bauaarbechten un der ZithaKlinik an d'Madame Cécile Hemmen als

Rapportrice huet direkt d'Wuert.

**9. 6598 - Projet de loi autorisant l'État à participer au financement des travaux de modernisation et d'extension de la ZithaKlinik**

**Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports**

► **Mme Cécile Hemmen (LSAP), rapportrice.** - Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - De Modell 1, wat d'Riedezeit ugeet.

► **Mme Cécile Hemmen (LSAP), rapportrice.** - Jo. Merci villmools.

Här President, Dir Dammen an Hären, Madame Minister, Här Ausseminister, mat Ongedold gëtt dësen Dag vum Vote hei an der Chamber erwaart. Bestëmmt net nëmme vun de sëllege Patienten, déi elo scho joran joraus an d'ZithaKlinik ginn a sech eng séier Modernisatioun vun dëser Klinik erhoffen. Neen, och d'Fondation des hôpitaux Robert Schuman, där d'ZithaKlinik zanter der Fusioun 2014 ugehéiert, huet an engem Schreiwes drun erënnert, dass d'Ausbauaarbechten eigentlech ganz uewen op der Prioritéitslëscht stoungen, wéi mer am November d'lescht Joer hei iwwert de Plan hospitalier debattéiert hunn.

De Projet de loi, deen de Stat soll autoriséieren, fir sech um Financement vun de Moderniséierungs- an Ausbauaarbechte vun der ZithaKlinik ze bedeelegen, gouf am Juli 2013 an der Chamber déposéiert. Den 8. Oktober huet de Conseil d'État du säin Avis derzou ofginn.

Dass d'Aarbechten an der Kommissioun zu dësem Projet awer dunn net direkt konnten traitéiert ginn, hat allerdéngs dermat ze dinn, dass de Concept médical, deen dem Gesondheitsministerium am Virfeld pour approbation sollt zougestallt ginn, nach ëmstridde war. Eng Mediatioun huet sech dunn där Saach ugehall an eréischt am November 2014 ass de Concept du vum Groupe Hôpitaux Robert Schuman validéiert ginn.

Den 10. Februar 2015 hat ech dunn d'Éier, fir Rapportrice genannt ze gi vun dësem Projet, an den 11. Mäerz ass de Rapport unanime ugehall ginn.

Den Objet vum Gesetz ass eigentlech ganz séier résuméiert. Et geet drëms, fir dem Stat gréng Luucht ze ginn, fir sech mat ronn 55,6 Milliounen Euro un den Aarbechte vun der ZithaKlinik ze bedeelegen.

Firwat muss dann elo eigentlech esou ee spezifesch Gesetz gestëmmt ginn? Abee, dës Décisioun berout ënner anerem op dem Finanzéierungsgesetz vum 21. Juni 1999, wou de Statsrot e puermol drop higewisen huet, dass all eenzelne Projet säi Gesetz a seng eegen Enveloppe financière sollt kréien an net an engem globale Montant vu verschiddenen Investissementen gruppéiert sollt sinn.

Zanter dem Januar 2011, wou d'Gesetz vum 17. Dezember 2010 iwwert d'Reform vum Gesondheitswesen a Kraaft ass, gëtt den Artikel 80 vum modifizéierte Budgetgesetz applizéiert, dee seet, dass all Realisatioun um Niveau vun den Infrastrukturen oder Gebaier, wou d'Zomm vu 40 Milliounen iwwerschritt gëtt, iwwer e spezifesch Gesetz muss autoriséiert ginn. A mat dësem Projet si mer deemno an dësem Cas de figure.

E kleng Réckbléck soll drop hiweisen, dass d'ZithaKlinik oder d'Clinique Sainte-Thérèse schonn déi Blesséiert am Éischte Weltkrich opgehall huet, an ëm 1925 sinn déi éischt Spidolsinfrastrukturen hei entstanen. No an no huet d'Gebai evoluéiert an zielt haut 226 Kliniksbechter, mat engem derzougehéierenden techneschen Equipement an 30 Plaze fir d'Rééducation gériatrique.

Onnëtz op dëser Plaz ze soen, dass trotz all den Efforten, déi am Laf vun de Jore gemaach goufen, et elo wierklech héich Zäit gëtt, fir eng global Modernisatioun an d'A ze faassen an esou den Exigence vum Confort vun de Patienten bis hi bei d'Sécherheets- an d'Hygiënesmoossnamen (veuillez lire: d'Sécherheets- an d'Hygiënesnormen) nozekommen.

Ech erënnere drun, dass d'ZithaKlinik am Spidolsplang vun 2009, deen de Moment jo nach en vigueur ass, ëmmerhin aklasséiert ass als Hôpital général, wou d'Aktivitéite spezifesch op déi medezinesch a chirurgesch Prise en charge fir déi Erwuessen ausgeriicht sinn.

De Projet vum neie Spidolsplang, deen den 11. Februar am Regierungsrat guttgeheescht gouf an elo beim Statsrot läit, considéréiert natierlech d'Fusioun vun der ZithaKlinik mat der Fondation François-Elisabeth, déi elo zesumme mat der Clinique Dr. Bohler, dem Hôpital Kirchberg an der Clinique Sainte-Marie vun der Fondation des hôpitaux Robert Schuman géréiert gëtt.

Aus dësem Projet geet ënner anerem ervir, dass op den 1. Januar 2017 ronn 600 Kliniksbechter

solle virgesi ginn, géintwuer 631 am Joer 2014, mat deenen de Grupp bis elo geschafft huet.

Et ass deemno eng absolutt Nécessitéit, dass d'ZithaKlinik elo op schnellstem Wee Moderniséierungs- an Ausbauaarbechten an Ugrëff hëlt, an dat ganz am Sënn vum Confort vum Patient, der Moderniséierung vun de medico-technesche Services an der Augmentatioun vun de Capacitéite fir ambulant Traitement. Dat heescht, sech méi Moyene ginn, fir de kuerzen Dagesopenthalt mat dem derzougehéierenden Ofbau vun de stationäre Better.

Opgrond vun engem gutt iwwersichtleche grafesche Plang hunn d'Membere vun eiser Santéskommissioun d'Aarbechten an hire verschiddenen Etappe gewisen an och erkläert kritt.

D'Préparatiounsarbechte beinhalten d'Schafe vun engem neie Service de Dialyse, eng provisoresh Zesummeleeeung vun den zwee Sitte mat den Operationsbléck an dem Schafe vun engem provisoresh Service fir Endoscopien.

Weider Etappe sinn dann d'Ofrappen an och den Opbau vum Gebai an der Antwerpenerstrooss, wou nieft de Parkplazen am Sous-sol, an och soss Raim fir d'Hausstechnik, nei Services wäerten hikommen, wéi Röntgen oder awer d'Endoscopie, en neien Operationsblock, en Hôpital du jour an zwou modern Unités de soins.

En drëtto Volet ass d'Mise en conformité vun de bestehende Gebailechkeeten. Den Ausbau vun der Policlinique an d'Schafe vun engem neie Reanimatiounsservice an enger Intensivstation.

Et ass deemno esou, dass véier Gebailechkeeten haaptsächlech moderniséiert a vergréssert ginn an dass dat sougenannte Gebai E, de Centre médical, duerch eng komplett nei Konstruktioun ersat gëtt. Sämtlech Aarbechten an der ZithaKlinik solle viraussichtlech 2020 ofgeschloss sinn.

Den initiale Gesamtpräis, deen de Fonds pour le financement des infrastructures soll iwwerhuelen - an ech referéiere mech do un de Chiffre, dee mam Accord vum Statsrot op Oktober 2014 indexéiert ass -, läit bei ganz präzisen 69.364.773 Euro.

E Virfinanzement vu ronn 13,8 Milliounen huet scho stattfonnt, an dat op Basis vum Gesetz vum 21. Juni 1999 iwwert d'Finanzéierung vu Modernisatiouns- a Bauaarbechten u Spidolsgebaier. Deemno bezitt dat heite Gesetz, iwwert dat mer haut elo wäerten ofstëmmen, sech op de Montant vu präzisen 55.593.942 Euro, indexéiert op den 1. Oktober 2014.

Firwat ass dann elo de Projet an der ZithaKlinik esou wichteg iwwerhaapt an der ganzer Spidolslandschaft zu Lëtzebuerg?

Ech erënnere d'fir nach eemol un de Concept médical, dee verlaangt war, ier de Projet iwwerhaapt konnt säi Wee goen. Dës Oplo ass ze gesinn am Kader vun der Reform vum Gesondheitswesen zu Lëtzebuerg. D'Regierung ënnersträicht domat hire Wonsch, dass muss verhënnert ginn, dass all Klinik déiselwecht Service ubitt an dass et dann zu enger onkontrollierter Offer an de Spideeler kënt.

Am Kontext vun eise Gesetz vun haut wéilt ech d'fir just d'Service vun der ZithaKlinik eraussträichen, déi sech awer an dat ganz Konzept vun der Fondation des hôpitaux Robert Schuman areien.

D'Missionen an d'Schweierpunkte vun der ZithaKlinik leien deemno um Service viscéral an Oncologie, d'Unité tête et cou, de Service gériatrie, d'Policlinique, d'Soins intensifs, d'Imagerie an d'Activités opératoires.

Et ass wichteg, dass d'ZithaKlinik duerch seng geographesch Situatioun am Quartier vun der Gare an der Stad och weiderhi mat der Policlinique seng Aufgab an der Médecine de proximité iwwerhëlt.

Et fält vläicht op, dass de Service vun der Psychiatrie net opgefouert ass. Déi Kompetenz ass um Kierchbiereg ënnerbruecht. Mä et sief awer drop higewisen, dass d'Leit mat engem Problem vun Offhängegkeet och weiderhin an der ZithaKlinik am Centre d'addictologie opgehall ginn.

Hei nach e puer Zuelen: Ech hat scho vun de globale Bettenzuele geschwat fir dee ganze Groupe FHRS. Fir d'Zitha bedeit dat, dass am ambulante Beräich d'Zuel vun de Plaze vun 19 op 38 soll eropgoen an d'Kliniksbechter ginn deemno vun 226 op 204 erof.

Fir de Service vun der Dialyse geet et vun 11 op 13 Plazen erop. D'Better respektiv d'Places de repos no enger Endoscopie gi vu sechs op aacht erop. D'Zëmmere ginn no den aktuellen Norme gebaut an och opgebessert an et sinn och véier Isolatiounszëmmere virgessinn.

An der Policlinique wäerten et méi Ënnersuchungsraum ginn an déi ginn och regruppéiert. D'OP-Bléck ginn och regruppéiert an et bleiwen der och an Zukunft nach sechs.

D'Unzuel vun de Röntgeraim ännert net, si ginn awer de jëtzege Normen no adaptéiert.

D'Gesamtfläch geet vu 15.916 m² op prezis 19.007 m² erop, wat eng Vergréisserung vu ronn 20% ausmécht fir dësse Projet.

Wat d'Avisen ubelaangt: De Statsrot hat keng speziell Awendungen zu dësem Gesetzesprojet a war mat der Adaptatioun vum Präis un den Index vum Oktober 2014 averstanen.

D'Commission permanente fir de Spidolssecteur huet de Projet op seng Legalitéit an op seng Funktionalitéit an d'Conformitéit mam finanziellen Kader gepréift an huet och e positiven Avis dozou ofginn.

De Collège médical huet de Projet och favorabel aviséiert, mä huet awer d'Fro opgeworf iwwert de Sënn vun esou engem héijen Investissement fir en Etablissement, wat jo eigentlech fusionéiert huet.

Här President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, et bleift mer nach lech de Rapport ze maache vun deem, wat an der Kommissioun diskutéiert gouf.

Zum enge ware mer eis alleguerten eens, dass mer et hei mat engem wichtege Projet ze dinn hunn, dass d'Investissementen an d'Spidolsstrukturen onbedéngt misste gemaach ginn, an dat an deem Sënn och, well d'Gesetz relativ séier misst an deem Sënn ëmgesat ginn. Voilà, dat heescht, mir sollten dat eigentlech och dann an der Urgence traitéieren.

Dass d'ZithaKlinik seng Plaz op der Gare an der Stad huet an och weinst de Soenen an der Proximitéit do soll behalen, dat war och e weidere Punkt, iwwert dee mer eis alleguerte séier eens waren.

De Projet huet eis awer och nach eemol d'Geleeënheet ginn, fir iwwert de Virage ambulatoire ze diskutéieren, wou ervirgehewe gouf, dass et gutt wier, wann op Landesniveau eng Linn géif ausgeschafft ginn, fir d'Bettenzuel ze reduzéieren an net onbedéngt au cas par cas.

Des Weidere missten och d'Patiente sensibiliséiert an och encouragéiert ginn, fir sech - an dat esou wäit wéi et méiglech ass - ambulant behandeln ze loossen. An deem Kontext wier et och wichteg, dass den Encadrement vun de Patienten no enger ambulanter Interventioun stëmmt, eng Aufgab vum Fleggepersonal, wat an der Reform vun der Assurance dépendance muss mat eraflëssen.

An ëmmer nach am Beräich vun den ambulante Behandlungen ass och d'riwwer geschwat ginn, dass den Transport e wichtege Facteur ass. An dozou kann ech lech soen, dass d'ITM an och d'Émweltverwaltung hir Stellungnahm doriwwer un d'Architekten weidergeleet hunn.

Dass de Virage ambulatoire vill diskutéiert gouf, huet net zulescht och domat ze dinn, dass d'Fondation des hôpitaux Robert Schuman elo schonn dës nei Organisatioun mat an de Projet vun den Aarbechte vun der ZithaKlinik aflësse gelooss huet.

Natierlech gouf och iwwert d'Sue geschwat an der Kommissioun. Zum engen iwwert d'TVA-Erhéijung vu 15% op 17%, déi jo elo natierlech voll op dësse Gesetzesprojet wäert falen. An doriwwer eraus och nach op déi eng Millioun, déi nach opsteet vum Prefinanzement.

Et ass och nach vläicht wichteg ze wëssen, dass och fir dësse Projet ronn 5% virgesi si fir Imprévues. Well mer et hei jo awer net nëmme mat engem Neibau, mä och mat Transformationsaarbechten ze dinn hunn, ass et op dësem Stadium nach ze fréi, fir sech festzeleeën, ob dësse Spillraum vu 5% och duergeet.

D'Membere vun der Kommissioun waren och gewuer ginn, dass während den Aarbechten d'ZithaKlinik normal wäert funktionéieren an dass och alles drugesat gëtt, dass d'Leit aus der Noperschaft esou mann wéi méiglech ënnert dem Chantier wäerten ze leiden hunn. Och krute mer confirméiert, dass eng zentraliséiert Apdikt an en zentraliséierte Labo virgesi sinn.

Voilà, souwäit dat, wat ech lech zu dësem wichtege an och dréngende Projet ze soen hunn. Wéi schonn éinescht gesot, gouf de Rapport unanime an der Kommissioun ugehall.

Ech soen alleguerten de Membere vun der Kommissioun e grouse Merci fir déi flott Diskussiounen an déi konstruktiv Zesummenaarbecht. An ech ginn heimadder dann och den Accord vu menger LSAP-Fraktioun.

Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci





der Madame Rapportrice. An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Jean-Marie Halsdorff.

### Discussion générale

► **M. Jean-Marie Halsdorf** (CSV).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Alleréischts wëll ech der Madame Rapportrice Merci soe fir dee ganz exhaustive schréfftlechen a mëndlechen a gudden Rapport. An dësse Projet ass jo dann och an der Unanimitéit ugeholl ginn an e wäert och haut an der Unanimitéit hei gestëmmt ginn. Esou muss een dervun ausgehen, well en autoriséiert jo dann de Stat, fir déi Moderniséierung an déi Vergrößerung vun der ZithaKlinik ze maache mat enger Participatioun vun 80%. De Konsensus, deen ass evident, well effektiv eng Erneuerung sech opdrängt.

Mä wa mer wëllen déi 80% och, an dat hu mer jo och an der Chamberskommissioun diskutéiert, Madame Minister, Här President, da muss ee kucken, dass den Effet vun der TVA, déi vu 15 op 17% geet, neutraliséiert gëtt. An et muss een och kucken, dass déi Erhéijung vun der Nomenclature oder déi Erhéijung vun de Präisser vun dem Ordre des architectes et ingénieurs, d'Nomenclature, dass een déi och da kompenséiert kritt.

Mir hu gesot kritt an der Commissioun, dat géif an déi 5% vun den Imprévuen erafalen. Mä do muss ech mech deem ralléieren, wat och d'Madame Rapportrice gesot huet. D'Fro ass, wann et effektiv eng Moderniséierung ass oder eng Verbesserung vun enger Struktur ass, da kënnen och Imprévues kommen, soudass et net kloer ass, ob déi 5% duerginn. Ech mengen awer, egal wéi misst de Bauträger déi Sue kréien. Wann dann do aner Imprévues kommen, da mussen do Solutiounen gesicht ginn.

Doriwwer eraus sollen déi Aarbechte jo fënnef Joer daueren. Dat ass eng laang Zäit. An dofir hu mer jo och drop insistéiert, dass de Projet schnell sollt evaküiert ginn, fir eben déi néideg Planungssécherheet ze kréien, déi een ëmmer brauch, fir Rou ze behalen.

Hei huet effektiv déi legislativ Mille während 21 Méint gedréit. Dat ass vun deem Moment un, wou de Projet déposéiert ginn ass, bis haut, wou mer e stëmmen. Wann ech dee Moment huelen, wou den Avis vun Statsrot koom, da sinn et genau 18 Méint. Mä et gëtt jo Erklärungen derfir, firwat dat esou ass. Well op där enger Säit huet de Bauhär imposéiert kritt, dass e misst e medezinescht Konzept maachen, dat och elo kloer ass, d'ailleurs, wou keng Redondancen dra sinn. Dat heescht, wou keng Aktivitéiten am Fong geholl am Grupp op zwou Plaze gemaach ginn, wëssend, dass de Grupp besteet aus dem Kierchbierger Spidol, aus der ZithaKlinik, aus der Bohler an aus der Sainte-Marie. An dat ass sécherlech net einfach.

A wann een och nach weess, wou dee ganze Grupp vu Spideeler do hierkënn, do brauch een nëmmen... Ech wëll rappeléieren, dass den Hôpital du Kirchberg knapps zéng Joer huet an dass nach vu virun Enn 90er Jore bis ufanks vun dësem Jorhonnert op fënnef Plazen Aktivitéite gemaach si ginn, individuell Aktivitéiten. Dat heescht, do waren déi Aktivitéiten op fënnef Sitten: Dat war an der ZithaKlinik, an der Sainte-Thérèse, et war am Sacré-Cœur, an der Bohler an esou weider. Ech mengen, do sinn op fënnef Plazen, och zu Esch, déi Aktivitéite gemaach ginn. Haut ass dat op enger Plaz.

An duerfir, mengen ech, kéint ee souguer soen: Déi Konzentratioun, fir alles op een Niveau ze bréngen, dofir kann ee praktesch dem Grupp félicitéieren, dass deen esou ee globale Modell esou schnell opgesat huet.

Et sinn nach ëmmer déck Diskussiounen, dat wësse mer, mä dat sinn éischter Detailfroen. Mä de Wee war net einfach, well et war schéi gequësch ginn. An et ass jo elo gutt, dass dësse Projet elo kann haut an hei gestëmmt ginn, deen d'Unanimitéit huet, well et e Confort bréngt fir d'Patienten. Mir wëssen, dass Toiletten a Buedzëmmere bei déi eenzel Zëmmere kommen. Mir wëssen, dass de Médico-technique verbessert gëtt, a mer wëssen, dass eben den Hôpital du jour, den Ambulatoire ausgebaut gëtt, wat gutt Saache sinn.

An doriwwer eraus wësse mer, dass et och eng Plus-value ass, well mat dësem Spidol behale mer am Fong geholl an der Proximitéit am Quartier Gare nach e Spidol, wou dann eng Policlinique ass, déi vu moies aacht bis owes aacht op ass. Ech mengen, dat ass eng positiv Saach.

An ech muss dat da rappeléieren, wat och virun d'Madame Rapportrice gesot huet: Dass et net gutt ass, dass mer kee Konvergenzschlüssel hunn, wéi een am Fong geholl aus engem akuten Bett eng Plaz mécht, fir ambulatoire ze traitéieren. An dësem Fall hei ass et esou gemaach ginn, wat am Fong misst e Projet pilote sinn, well et ass déi éischte Kéier, dass mer am Fong geholl bei engem Spidol effektiv

vum Hospitalier op den Ambulatoire zouginn, wou mer den Hospitalier ofbauen, den Ambulatoire ausbauen. Do gi mer da vun 19 Plazen op 38 erop, wat eben ambulatoire Plaze sinn. An déi akut Better gi vun 226 op 204 erofgesat.

Wat ech bedauern, dat ass, dass keng strikt Regeln do sinn. A bei engem Virage ambulatoire bräicht een awer, dat steet och esou am Rapport, ee kohärente Kader a Ligne-directrice. Dat géif zur Transparenz bäidroen an et géif eis och e bessert Bild gi vun där finanzieller Situatioun, wat dann och wahrscheinlech erkläert, dat hunn ech nogekuckt nach eng Kéier, wann ech dee Budget nouvelle génération, dee mer jo dann hei an der Chamber presentéiert kréien, kucken, do ass ee Punkt dran, ebe justement de Virage ambulatoire, deen ass leider net chiffriert, dee konnt net chiffriert ginn. Well mer ebe keng Regeln hunn, ass et schwéier, deen ze chiffrieren.

Wat an deem Sënn och, a mengen Aen, dann iwwerraschend war, dat ass, dass mer et awer fäerdegbréngen, fir ze dekrétéieren, dass am Land, iwwert d'ganz Land, déi akut Better müssen ëm 5% erofgesat ginn, am Sënn vum Virage ambulatoire. Wou déi 5% hierkommen, dat hunn ech bis haut nach net verstanen, well ech hu keng Zuele gesinn. Ech muss also dervun ausgehen, dass do e gewëssenen Arbitraire dobäi ass. Wa mer awer als Zilsetzung gesat hunn, d'Ressourcen optimal ze notzen an deem Secteur, weess ech net, wéi dat soll geschéien.

Mir wësse kloer, dass eis Demografie, dass eist Land wisst. Mir wëssen: D'Bevëlkerung gëtt méi al. Mä ech gesi keng objektiv Elementer. Ech hunn hei keen Duerchbléck. An ech weess dann och net, wéi am Detail dee Virage ambulatoire da soll do funktionnéieren. Ëmsou méi och nach d'Konditiounen um Terrain déi sinn, dass keen Avantage do ass, wann een haut eppes, wat am Hospitalier gemaach ginn ass, elo am Ambulatoire mécht. Dat bréngt näischt, well et fir de Patient méi deier gëtt. Also, dee Moment muss also dee Modell ëmgesat ginn, soudass et en Avantage huet fir den Dokter, fir de Patient a fir de Spidolsträger, wann een eng Interventioun net méi hospitalier méi mécht, mä ambulatoire. Do muss mer ons Incitativen féieren. An ech mengen, dat wäert dann och an deenen nächste Méint kommen.

Ech hu gesot, den Duerchbléck feelt hei, mä wa mer iwwer e Spidol schwätzen, dat also eng Infrastruktur ass an eisem Land, dann hunn ech mer och Gedanke gemaach: Wéi soll dann eis Spidolslandschaft vu muer ausgesinn?

An do ass et och net esou einfach, fir sech do erëmzefannen. D'Spillregele kenne mer. Eng hu mer jo dekrétéiert oder net dekrétéiert, eng stelle mer fest: Eisen Ambulatoire zu Lëtzebuerg ass schwach par rapport zu eisen Nopeschlänner. Also kréie mer méi där Better.

An zweetens wësse mer, säit et déi Directive-cadre gëtt iwwert d'Soins transfrontaliers, duerch déi d'Patienten also a ganz Europa sech kënnen behandle loosse, datt dat sécherlech och um Terrain Effeten op de Lëtzebuurger Spidolssektor huet. An duerfir muss mer eis dofir opstellen. An do muss mer performant bleiwen. An dofir muss mer dann ebe kucken, wéi mer eis organiséieren.

An do hunn ech Schwierigkeeten ze gesinn, wéi dat soll an deenen nächste Joren iwwert d'Bühn goen. Mir hunn zwar gesot: Wann den Ambulatoire kënnt, da gëtt dat am Verbund gemaach mam Hospitalier. Wat eng Iddi ass, déi ech kann deelen, mä et muss een do kucken, wéi dat elo evoluéiert. Et ass also e kloert Bekenntnis.

Mä ech gesi wierklech kee globalt detailléiert Bild vun de Spidolsinfrastrukturen hei am Land, wat awer a mengen Aen eng Viraussetzung zum Beispill wär, wann ech wëll eng „medical school“ aféieren. Mir hunn dës Deeg an enger Chamberskommissioun doriwwer geschwat.

Wann ech esou eppes wëll maachen, da muss ech awer wëssen: Wouhi ginn dann herno déi Leit, déi do ausgebild ginn? A wéi engen Haiser geschitt dat? A wéi geschitt dat iwwert d'Land? Wéi garantéieren ech, dass, egal wou ech am Land sinn, déiselwecht Leeschtungen bruecht ginn?

Doriwwer eraus hu mer beim Spidolsplang gesot: Et gëtt keng Regionen méi. Definitiv gëtt et awer nach ëmmer déi dräi Regionen. Mir plangen och nach esou. An et gëtt och ëmmer gesot, mer hätte keng privat Spideeler méi a keng öffentlech Spideeler méi, mä si wären all d'selwecht. Et stëmmt: Se sinn all d'selwecht. Se ginn all zu 80% vum Stat finanzéiert. Mä et ass awer ganz oft esou, dass awer nach anescht geduecht gëtt.

An duerfir mengen ech, wann een dann eng Kéier d'Situatioun wëllt evaluéieren, an ech wëll dat nach kuerz hei maachen, da muss ee

kucken, wou een hierkënn a wou et higeet. Hier komme mer aus enger Zäit, wou e groussen Ofbau komm ass vu justement deene private Spideeler an deene leschten 20 Joer. Et sinn och e puer öffentlech Spideeler, mä besonnesch déi méi privat Haiser si grouss ofgebaut ginn. Dat muss ee wëssen.

An haut wësse mer just konkret eng Saach, an déi hunn ech och nogelies am Budget nouvelle génération, do steet nämlech dran, d'Mesure de mise à niveau vum Escher Spidol a vum HPMA géif zrëckgesat ginn. Dat heescht also, do gëtt..., ech weess net genau, wat dat konkret heescht, mä ech hoffe jo dann och, dass d'Aarbechtskonditiounen do déiselwecht bleiwen. Mä mer spuer mat deem Exercice 4,2 Milliounen. An zwar 1,705 Milliounen am Joer 2016 an 2,4 Milliounen am Joer 2017.

Dat Eenzezt, wat ech doraus liesen, dat ass effektiv, dass e Wëllen do ass, dat zweet Spidol esou séier wéi méiglech ze kréien.

Well, dat huet d'Ministesch och an enger Kommissioun viru Kuerzem gesot, mir si prett, sot si, am Joer 2020 net nëmmen, dass dann den Hôpital, also d'ZithaKlinik dann och fäerdeg ass, mä och wier dann d'Spidsidol fäerdeg an deen neie Centre hospitalier wier och fäerdeg. Esou steet et am Rapport, deen ech nach eng Kéier nogelies hunn dës Deeg. Da muss mer emol kucken. Dat geet awer da ganz séier. An ech fannen dat wierklech ganz, ganz optimistesche.

Ëmsou méi nach vill Froen opstinn, notament de Käschtepunkt. Dat ass eng Geschicht, do wäerte mer nach driwwer ze diskutéieren kréien hei an der Chamber. An och wat mat deenen aneren Haiser geschitt. Wat geschitt mam Nidderkuerer Spidol oder dem HPMA, wa mer dee Wee do ginn? Wat geschitt mam Diddelenger Site? Oder wat geschitt mam alen Escher Spidol, mam Escher Spidol, wat mer haut hunn?

Dat Eenzezt, wat mer wëssen, dat ass, dass d'Sainte-Marie zougemaach gëtt no 2019. Gutt, do stellt sech awer och eng Virro: Wann déi Better all verschwannen - do kënnt jo nees een Deel an d'Stad, also an d'Zentralregioun -, wéi soll dat iwwert d'Bühn goen? Do wësse mer och nach net genau wéi dat soll geschéien. Ech wär frou, wann d'Ministesch eis en temps venu da seet, wéi dat soll goen.

Mä eng Fro, déi ech mer wierklech stellen, dat ass: Mécht et wierklech Sënn, dat Haus do zouzemaachen? Well dat Haus huet säin Obulus scho ginn, notament wat den Ofbau vun den akuten Better betrëft. Do waren et der 118. Et waren der definitiv awer nëmmen 99 do. Et ass eng Auslaaschung, dat steet jo och an deene Petitionspabeieren an och wat d'Gewerkschafte soen an och d'Personal: 76,5% vum Spidol sinn ausgelascht. Ce qui n'est pas mal. An et si 17 Milliounen ausgi gi fir Investitiounen, also Steiergelder, wat och wierklech eng grouss Zomm ass, fannen ech.

A wann d'Strukture wierklech nach zäitgeméis sinn, an dat si se jo nach, firwat muss dat verschwannen? Firwat kann een net eventuell eng Logik spille loosse, par analogie zu der ZithaKlinik, dass ee vläicht seet: Okay, mir kënnen och en zweet Haus an der Proximitéit hunn an där zweeter Stad vum Land, an der Stad Esch. Dat wier net abwegig. Well ech mengen, den Ambulatoire am ORL-Bereich funktionnéiert gutt, d'Psychiatrie juvénile funktionnéiert gutt, d'Gériatrie, d'Rééducation, d'Réhabilitation, déi funktionnéiere gutt. Also ech hu vill Versteesdemech fir déi Petitioun an och fir dat Personal, dat sech wiert a gären hätt, dass hiert Haus soll bestoe bleiwen.

Wann ech dann an den Zentrum kommen, déi aner Regioun, wou jo dann och soll de CHL nei gebaut ginn, do hunn ech net verstanen, wat d'Plus-value ass, fir eben effektiv déi Suen do auszeginn, en Neibau ze maachen. Ech wier och frou, wa mer kéinten en temps utile eng Kéier vun der Ministesch gesot kréien, wat dann do dee grouse Virdeel ass, fir dat ze maachen.

An do stelle sech dann déiselwecht Froen: Wat geschitt mam ale CHL, mat deene Gebailechkeeten? Ginn déi ofgerappt? A wat geschitt och mat Ech? Well mer do jo och net wëssen, wou dat genau higeet.

Déi eenzeg Plaz am Land oder déi eenzeg Regioun am Land, wou et méi kloer ass, wat d'Infrastrukturen ugeet, dat ass den Norden. Well effektiv do elo Wolz an Ettelbréck, déi hu sech fonnt. Ech mengen, do ass elo en Équilibre fonnt ginn. De Rapprochement mam Hôpital neuropsychiatrie ass amgaang ze goen. Mä do ass et nach net esou kloer. Mä dat schéngt awer och eng Saach ze sinn, déi sech da realiséiert.

Wat awer manner kloer ass, ech wëll dat nach eng Kéier hei répétéieren, dat ass: Wéi geet et mat den Activités médicales an der Nordstad weider? Wat dierfe se do maachen? Wéi dierfe se et maachen? Bon, de Spidolsplang wäert eis

dat soen an d'Ministesch wäert eis dann och an deenen nächste Méint do um Lafenden halen.

Ech wollt also ofschléissend soen, dass ech der Meenung sinn, wann een eng responsabel Politik wëllt maachen, da muss een effektiv, de Minister muss do e Kader setzen. Mä Fakt ass awer hei am Land, leider, dass mer keen esou ee Kader hunn. Fakt ass, dass d'Fédération des Hôpitaux Luxembourgeois am Fong geholl eng grouss Plaz huet an der Lëtzebuurger Spidolslandschaft. A Fakt ass och, dass ech ëmmer nëmme punktuell Annerungen gesinn. Wa mer déi nei Landschaft opstellen, da geschitt emol eppes hei, emol eppes do. Et ass näischt Globales, wat sech mécht.

An dat fannen ech net gutt. Ech hätt léiwer, et wier ee Kader do. Da kéint een eng Steuerung maache mat alle Leit, déi um Terrain sinn. Da kéint een all déi Leit, déi um Terrain sinn, d'selwecht behandeln. An da géif dee Rééquilibrage vun engem Hospitalier an en Ambulatoire, da wier dee sécherlech besser méiglech a sécherlech kéint een och déi ganz Gestiou vum Secteur méi effizient maachen, wat och Effeten hätt op de Käschtepunkt.

Fir mech ass et kloer, eng kloer Struktur bréngt och kloer Positionen vun alle Partner, bréngt e proaktivt Handeln. An dat brauche mer onbedéngt. Well mir brauchen dat hei zu Lëtzebuerg, wa mer weider wëllen e performante Gesondheetssystem hunn, en dynamesche Gesondheetssystem. D'Erausforderunge si grouss. An do ass d'Conditio sine qua non, fir den aktuellen héije Standard vu Leeschtungen, qualitativ héije Standard vu Leeschtungen hei zu Lëtzebuerg ze garantéieren, muss mer zesummeschaffen an optimiséieren.

Voilà, dat war dat, wat ech heizou wollt soen. Ech wollt nach den Accord bréngen vun der CSV zu dësem Projet de loi.

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci. Nächste Riedner ass den Här Alexandre Krieps. Entschëllegt! Alexandre.

► **M. Alexander Krieps** (DP).- Merci, Här President. Dir entschëllegt deng rau Stëmm haut. Dat wäert un der Rhetorik e bëssen änneren, mä awer net un der Dialektik, déi elo kënnt. Entschëllegt. Ech muss fir d'Éischt d'Rapportrice félicitéieren fir hire komplette Rapport an hire schréfftleche Rapport.

Ech hunn zwar vun e puer Aussoe mech stéiere gelooss, well et ass hei geschwat ginn, dee Projet de loi géif dréngend ëmgesat ginn an dat ass de Mérite vum heitege Chamberspräsident an deemolege Gesondheitsminister, dee vu viru méi wéi fënnef Joer deen heite Projet depouéiert huet. Dunn ass natierlech gesot ginn herno, dee Projet kéim an de Veruch weinst dem Concept médical a weinst anere Considérations. Mä déi Notioun vum Concept médical, déi ass eréischt am Dezember 2013 am Regierungsprogramm festgehale ginn. Entschëllegt. An...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Dir misst bei den Dokter goen.

► **M. Alexander Krieps** (DP).- Jo.

(*Hilarité*)

Jo, ech muss soen, bei de Longendoktere si mer ganz gutt versuergt, zumindest am Zentrum an all de Spideeler. Mä ech hu mech awer net getraut, dohinner ze goen.

Dat gesot, mengen ech, de Prinzip vum Concept médical ass eréischt am Dezember 2013 vun der Majoritéit, vun där neier Majoritéit festgehale ginn. An d'Fusioun vun der Zitha mat dem Kierchbierger Grupp eréischt 2014 formaliséiert ginn. Dofir louch dee Projet véier Joer prett mat sengem Avis vum Conseil d'État, awer et ass net virugaangen. Dofir, ech mengen, all déi, déi haut froe firwat, déi mussen sech héchstwahrscheinlech selwer mat der Nues huelen!

Zum Historique vun der Zitha ass virun ugeklungen, am Éischte Weltkrich war et e Lazarett an d'Klinik ass eréischt '21 entstanden, Modernisatiounen waren der scho '85 a '97. An da wëll ech lech soen, fir eng Kéier sinn ech am Fong mam OGB-L d'accord, mä nëmmen op ganz punktuellen Dingen. A sengem Avis zum Projet de règlement grand-ducal huet den OGB-L de Virage ambulatoire als éischte Punkt mentionnéiert, wat ganz gutt ass. An do muss ech awer dann op d'Zuele vun der Zitha zrëckkommen. Am Joer 2014 si plus ou moins d'Halschent vun hiren Operatiounen ambulänt gemaach ginn. Ech weess elo net, ob dat nëmmen Talgdrüse waren oder aner Operatiounen,





mä et waren och anerer vill. Dat heescht, d’Zithaklinik huet an de leschte fënnf Joer den ambulante Secteur méi wéi verduebelt!

An dann hir Policlinique, dat ass virdrun hei ugeklongen, vu siwe moies bis siwen owes, do ginn 125.000 Patiente consultéiere pro Joer. Dir musst lech dat also virstellen. An dann hu se eng Hickecht gutt qualifizéiert Dokteren déi lescht 30 Joer agefallt. A se hunn 800 Leit am Ganzen als Personal. E Budget vu 75 Milliounen d’Joer. Dat si ganz impressionnant Zuelen!

Also ech begrëissen do dem OGB-L säi Standpunkt vun der Médecine ambulatoire. Et huet zwar laang gedauert bis se dropkomm sinn, mä ech mengen, et kann ee sech jo ëmmer verbessern. En dréngend...

#### (Interruption)

Jo, dach. Ech hunn hei viru 15 Joer scho gesot - dat kënnt Der alles nokucke goen, den 13. Dezember 1999 -, do hu se an Amerika d’Knée schonn ambulant operéiert. An oft souguer an de Praxissen, net an de Spideeler! Soll dat e Beispill sinn? Dat iwwerloossen ech lech.

Eng aner Considération, natierlech, et ass elo virdru gesot ginn, et wier dréngend gewiescht, mä dofir hunn ech mer d’Fro gestallt, firwat de Volume vum Investissement op de Bauindex vum Oktober 2014 eropgeschrauft ginn ass, quasi 10%, an et ass am Verglach gewiescht zum Bauindex 2009. Dofir därf kee soen, dat wier e ganz rezente Projet.

Ech muss lech och dräi Wuert vu menger perséinlecher Relatioun mat der Zitha soen, well ech kréien dat jo ëmmer hei an dem Parlament gesot, ech brauch mech do net ze schummen.

Ech war fir d’Éischt an der Zitha 1971, dat ass ganz laang hier, mat mengem Frënd Bob Steinmetzer, deen am Conseil um Kierchbiereg sëtzt, an do hu mer e Stage gehat. An ech muss lech soen, dat waren heroesch Zäiten, well dat war déi Zäit, ier d’Sécherheitsgurten an d’Airbag an den Autoe waren. Dat war relativ dramatesch nuets, wann d’Accidenter erakomm sinn. An déi Zäit waren där och, well d’Autoen net vill gedaacht hunn. An ech hunn nach heiansdo an der Nues de Melange vu Blutt an Äther, deen do an der Loft hangt. Dat war ganz impressionnant, do denkt een drun.

An ech hat déizäit och vill Kolleegen, déi ganz vill Asaz hate fir d’Patienten. An ech wollt och haut e Wuert soe vun der Schwëster Josepha Kayser, déi deemools d’dreiwend Kraaft an deem Haus war an zimlech vill am Grëff hat. Ech wëll dat soen.

Och nach haut, a méi wéi jee, sinn d’Direktioun vum Spideeler gefuerdert, fir dass d’Fonctionnement vun deene Spideeler ganz gutt leeft. A si sinn och responsabel fir d’Performance vun hiren Dokteren a fir dem ganze Personal seng Performance. Et sinn net d’Meter Kibb an d’Meter carré, déi an deem Fall an der Zitha ëm 20% an d’Luucht ginn, d’Meter carré. Déi puer Better, déi ofgeschafte ginn, ech mengen, wann dat besser funktionnéiert, da ginn déi och wettgemaach. Mä ech wëll soen, et sinn net d’Meter Kibb an d’Meter carré, déi hei et ausmaachen. Et ass also schonn d’Qualitéit vum Personal, vum ganze Personal.

Net d’accord sinn ech mam Avis vum Collège médical, dee gesot huet, datt deesen Invest iwwerflësseg wier. Ech muss emol eng kéier nach dee Conseil nokucken, wien do an deem Collège médical sëtzt. Do war jo e President, deen an der Zitha selwer laang geschafft huet. Ech gleewen net, dass deen dee Rapport gemaach huet. Ech hoffen net weinstens. Ech muss emol eng kéier nokucken, wien déi Avise schreift, well dee leschten Avis, dee se ginn haten zum Plan hospitalier, dee war och relativ seichtes Geplätscher, also.

Ech schwätzen och hei - well virdrun ass et ugeklongen, an dat ass wichteg -, d’Proximitéit vun der Zithaklinik, wat jo eng ekonomesch Kraaft ass am Garer Quartier, do ass jo keen Zweifel. An ech erënneren drun an déi sëllege Motioun vum Stater Gemengerot, wou d’Madame Polfer, d’Lydie Polfer, d’Soen elo huet, déi hunn net labber gelooss, fir dat Spidol am Zentrum vum Garer Quartier ze halen.

Mir wësse jo, dat hunn ech och schonn eng kéier hei gesot viru laanger Zäit, et war jo ëmmer eng Tendenz, fir d’Spideeler ausserhalb vun de Stied ze maachen oder an d’Périphérie, genau wéi d’Unisgebäier, well d’Studenten ongemelleg sinn. Et ass jo natierlech kloer, dass d’Kierfechter an d’Pampa gaange sinn. Dat ass jo evident.

De Lien hospitalier-extrahospitalier, dass deen net fonctionnéiert oder net esou gutt fonctionnéiert, dat kann ech bezeien. An déi lescht Fail-

lite an deem Secteur war jo d’Introduction vum Médecin référent, wou et elo geschwënn un der Zäit wier, do nach eng kéier e Bilan ze maachen, ier dat erëm opgeluecht gëtt. Dir wësst jo, dass de Médecin référent weinst legalen Ursache suspendéiert ass. Ech hoffen net, dass dee System erëmkennt, well dat kascht nëmme méi Suen.

De Stat ass och responsabel fir d’Ëmsetzung vun dese Projeten. An dofir, dat hei ass eng déck Enveloppe, 50 Milliounen. D’Zitha selwer leet nach eng Staang Milliounen do drop. An ech mengen, dat ass extrem wichteg.

Wat ech net verstanen hunn, an dann halen ech op, wat ech net verstanen hunn, dat ass, mir sëtzen zu sëllege Kolleegen, den Edy Mertens, deen och ëmmer d’Stater Spideeler verdeedegt niewent sengem Ettelbrécker a Wëlzer Spidol, zu Recht, an den Edy Mertens a mäi Kolleeg Gusty Graas sinn net eng kéier an 18 Méint zu deemem Projet vum neien „Nonne-radio“, RTL, zu enger Stellungnahm gefrot ginn. Net eng eenzeg kéier! Also, dont acte.

Domadder wëll ech lech Merci soen. An et ass kloer, dass d’Demokratesch Partei deen heite Projet de loi stëmmt, an da soen ech lech och, Madame Minister, Merci, dass Der dat elo ëmsetzt.

Merci villmools.

#### ► Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Alexander Krieps. An nächst Riednerin ass d’Josée Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Merci, Här President. Am Numm vun der grénger Fraktioun wënschen ech dann emol dem Här Alexander Krieps eng besser Stëmm fir déi nächst Ried.

Als eng vun de weinegen, eenzege Kliniken an eise Land, déi den Numm Clinique de proximité nach verdéngt, ass d’Zitha wierkelech eng aussergewöhnlech Klinik. Hir Beléiftheet ass net nëmmen d’Resultat vun enger gudder a relativ schneller Prise en charge vum Patient, si erfëllt och säit bal 100 Joer eng wichteg sozial Mission am Quartier vun der Stater Gare, dee jo, soziologesch gesinn, net deen einfachsten ass.

Leider erweist d’Infrastruktur sech scho laang - an dat huet d’Madame Hemmen des Laangen an des Breden erkläert - als ze kleng an och deelweis vétuste a se ass och net méi grad patientefrëndlech. Och d’Installatiounen entsprechen net méi den Ufuerderunge vun enger moderner Medezin a si renovéierungsbedürftig. Dat Eenzege, wat eigentlech nach komplett fit ass, dat ass d’Personal.

D’Madame Hemmen ass am Rapport op all d’Detailler vum Projet de loi agaangen, esou dass ech déi net wëllt widerhuelen. Dofir hir awer am Numm vun der grénger Fraktioun e grouse Merci.

Aus de genannten Ursache vum Alter vum Gebai, gëtt scho laang op d’Moderniséierung an awer och op den Ausbau vun deser Infrastruktur gewaart. Ech wëll awer och en anere Grund erwähnen, deen zu engem gewëssenen Drock gefouert huet, an dat war d’Fusioun vum Spidol vum Kierchbiereg mat der Clinique Dr. Bohler, der Zitha an der Sainte-Marie zu Esch.

D’Existenz vun der Zitha ass ebe just och mat där Fusioun eng Zäit a Fro gestallt ginn, jiddwerfalls an hirer aktueller Form. Ech hunn e Brëif erëmfonnt, deen den Här Xavier Bettel 2009 un de Verwaltungsrot geschéckt huet mat der Suerg, dass en ebe fir de Fortbestand géif anriede vun deene wichtige Soinen, déi do en place waren. Natierlech war de Brëif och ënnerschriwwen vum gesamte Schäfferot. An ech gesinn d’Madame Polfer ganz interesséiert heihier kucken. Dir hat Är Suerg, dass den..., och d’Madame Loschetter...

► **Mme Lydie Polfer (DP).**- Mir hunn dat...

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Et ass...

► **Mme Lydie Polfer (DP).**- Mir hunn dat am Dezember nach eng kéier gemaach...

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- An Dir hutt et nach eng kéier widerholl...

► **Mme Lydie Polfer (DP).**- Mir haten eng Motioun, déi à l’unanimité ugehall gouf.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Soudass mer dovun ausginn, dass op alle Fall déi ganz Gemeng dohanner steet. D’Fusioun huet och stattfonnt, mä, wéi gefaart, aus der Zitha ass net eng Gériatrie ginn - wat ee Moment ugehall ginn ass -, déi all gängeg Aktivitéite medezinescher Natur géif opginn. D’Zitha bleift d’Zitha a se gëtt souguer nach verbessert zum Wuel vum Patient an awer och zum Wuel vum gesamte Quartier vun der Stater Gare.

Mat där Léisung ass net nëmmen d’Stad Lëtzebuerg zefridden, mä och mir als gréng Fraktioun. Mir begrëissen haaptsächlech, dass dës

Klinik eng Clinique de proximité wäert bleiwen, mat wichtige medezineschen an awer och mat soziale Missionen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, nodeems de Projet vun der Moderniséierung a vum Ausbau vun der Zitha schonn am Joer 2009 lancéiert ginn ass - ech sinn elo bei der virdru schonn ugeschwate Verschleefung oder wéi een et kann nennen -, ass en deementsprechende Projet de loi de 24. Juli 2013 déposiert ginn. An am Juli 2014 ass dunn e medezinescht Konzept vum Groupe Robert Schuman virgeluecht ginn. Dora si souwuel déi verschiddenen Aktivitéitspolen, de Qualitätsmanagement awer och déi allgemeng Gestéioun, d’Logistik an déi transversal Zesummenaarbecht vun der Zitha mat aneren Antennen definéiert ginn, wat mir eng ganz sënnavoll Approche fannen.

Jo, de Projet ass a Versuch geroden. Mä trotzdem begrëisse mir d’Approche vun der Regierung, dorop ze waarden. Op de Konzept ze waarden, fir dese Projet de loi net nëmme baulech, mä och inhaltlech u kloer Kritären ze bannen.

Déi 69 Milliounen insgesamt, oder 55 Milliounen, déi fir dese Projet de loi zur Verfügung gestallt ginn, ginn domat net just a Steng investéiert, mä an d’Zukunft vun eise Spidols wiesen, wéi am neie Spidolsplang festgehalen ass. D’Spidols wiesen ass doran definéiert, jiddwerfalls d’Zukunft. An dese Projet de loi entsprécht där Logik.

Bekanntlech geet et drëms, d’Kompetenzen do ze bündelen, wou et Sënn mécht - dat gëtt hei gemaach - an déi finanziell Mëttel esou anzesetzen, dass se net nëmme just enger Minoritéit, mä der grousser Majoritéit vun Assuréeen zegutt kommen. Och wann eenzel Adaptatiounen mussen erfollegen, mir haten am Débat d’orientation doriwwer rieds, esou gëtt déi allgemeng Zilsetzung vum Plan hospitalier awer vum kengem Mënsch heibannen a Fro gestallt.

Op de Projet de loi vun haut déclinéiert, heescht dat, dass de Concept médical, dee vum Spidolsverband Robert Schuman ausgeschafft ginn ass, kloer op Kompetenz a Qualitéit setzt. Ee Volet, dee mir awer besonnesch wëllen ervirsträichen, e steet ganz kleng am Konzept, ech hunn en awer net iwwersinn, sinn d’Efforten, déi vum Grupp gemaach ginn, fir d’Kontinuitéit vun de Soine mam sougenannten Exercice personnalisé vun der Medezin ze verbannen.

Fir eis spillt déi personaliséiert Approche grad an der Zitha, als Clinique de proximité, eng wichteg Roll. Säit Jorzéngten dréit des Approche nämlech zum positiven Image vum deem Spidol bäi an och zu der Beléiftheet bei de Leit. Woubäi de Gesondheitszentrum besonnesch ervirzehiewen ass, well en op d’Wuebefanne vum Mënsch am Berufsalldag setzt an net op de kranke Mënsch an d’Behandlung. E spillt eng wichteg Roll an der Preventioun vun Krankheeten. Och dat gëtt et net an all Klinik.

Mam Ausbau a mat der Moderniséierung vum Gebai muss des Tradition, déi an der Zitha en place ass, déi de Kontakt mam Patient an de Bien-être vum Patient an de Mëttelpunkt stellt, op alle Fall bestoe bleiwen. Dës ass eng sozial Plus-value, an déi soll nach verstärkt ginn. Se ka verstärkt ginn, andeems gezielt op Servicer gesat gëtt, déi d’Prise en charge an den Traitement vun extrem vulnérable Persounen ofsécheren. Dës Servicer sinn net esou visibel wéi anerer, mä se sinn net manner wichteg.

Un éischter Stell denken ech hei un d’Addictologie, déi alkohol- an drogenofhängeg Persounen opféilt an um Site momentan mat 14 Better funktionéiert. Menges Wëssens sollen déi 14 Better ofgeséichert bleiwen. Allerdéngs gëtt dese Service net als zukunftegen Aktivitéitspol vun der Zitha affichéiert. Jiddwerfalls net an deem Tableau, dee mer ze gesi kritt hunn.

De Beleeungsgrad, hunn ech mer soe gelooss, vun deene Better fir d’Toxicomanen ass iwwergengs ganz héich, vill méi héich wéi an ere Servicer. E läit bei 90%, während den Taux vun der Beleeung an anere Servicer just bei 77% oder manner läit.

Als Gréng géife mir et sënnavoll fannen, dese Service net einfach an der Policlinique ënnerzebréngen an him domat eng gewëssen Anonymitéit ze ginn. Opgrond vun där komplexer Problematik, déi der Addictologie zugronn läit, gesi mir éischter d’Schafung vun enger onofhängeger Struktur, fir dee Service an Zukunft op d’Been ze setzen. Hei geet et bekanntlech ëm d’Behandlung vu villfältig ofhängege Mënschen, déi net nëmme psychiatresch behandelt musse ginn, mä och internistesche vun Dokteren. Dat heescht, do muss eng Synergie stattfanne vun enger ganzer Equipe. Dës natierlech opgrond vum kierperleche Schued, deen duerch en iwwerdrüwwene Konsum vun Drogen an Alkohol ugericht gëtt.

Wat eis e weineg stutzeg mécht, ass, dass ëm-

mer manner Toxicomanen an der Zitha hospitaliséiert ginn, obschonn d’Zuel vun den Toxicomanen eisen Informatiounen no permanent zouhëlt. D’Zuel vun den Hospitalisatiounen ass am Laf vun e puer Joer vu 500 Fäll op 300 Fäll am Joer 2014 erofgaangen. Ee vun de Grënn gesi mir doran, dass deene Patienten den Accès zu internistesche Soine verwiert bleift, soulaang wéi se net komplett fräi vun Drogekonsum sinn. Dat heescht, dass déjéineg, déi zwar an engem Sevrage sinn an och psychiatresch behandelt ginn, net onbedéngt op der Statioun vun der Médecine interne oder der Gastro-entérologie opgehall ginn.

Dat zielt net nëmme fir d’Zitha, dat ass eng allgemeng Regel vun de Spideeler. Och wann des Regel eng gewësse Logik huet an novollzéibar ass, si mir der Meenung, dass no Léisunge muss gesicht ginn, fir och deenen dote kranke Persounen méi adequat ze hëllefen a fir medezinesch Interventiounen och bei deene Leit op d’Strooss ze bréngen.

Well internistesche Interventiounen am Foyer Abridado oder Foyer Ulysse, wou déi Leit sech ganz oft ophalen, net méiglech sinn, gesi mir just eng Léisung, an zwar déi, wéi ech gesot hunn, an direkter Proximitéit vun der Zitha en onofhängege Service d’addictologie ze schafen, fir d’Aarbecht vun de Psychiatere beschtméiglech mat där vun den Internisten ze verbannen. Esou ee Modell géif net nëmmen e gewëssen Tabu brieche, mä e géif och Liewe rette vun deene Leit, déi herno op der Strooss landen. Eiser Meenung no ass dës keng Fro vu Geld oder op d’mannst net vun allze vill Geld, mä éischter eng Fro vu Wëllen a vun Organisatioun.

En anere Punkt, léif Kolleeginnen a Kolleegen, op deen ech kuerz wëlt agoen, ass dee vum Neibau och vun der Partie É, dat ass jo dann e ganz groussen Deel. Mir gesinn, dass do vill Opportunitéiten opginn.

Eiser Meenung no eegent deen Deel sech zum Beispill fir d’Verlounen vu medezinesche Praxen un d’Dokteren aus der Klinik. Dës Approche géif verhënnere, dass d’Doktere permanent fëschtent hirer Praxis am Quartier an dem Spidol mussen hin- an hierlafen, mä dass se op engem eenzege Site ënnerbruecht ginn. Och de Patiente géif dee Wee zeguttkommen, well se just nach eng Ulaftell am Quartier hätten, an zwar eben am Spidol.

#### ► Une voix.- Très bien!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Da kéim ech zum Virage ambulatorie, dee jo schonn oft erwähnt ginn ass. Mir mengen, dass do nach e ganz grouse Mangel un Informatiounen an der Bevëlkerung besteet. Den Informationsbedarf ass grouss. Dat mierkt een, wann ee mat de Leit schwätzt.

Dobaussé gëtt de Bettenofbau am Beräich vun de Soins aigus zugonschte vun de Better vun de Soins ambulatoires nämlech oft esou interpretéiert, wéi wann d’Patiente géint hire Wëlle praktesch aus dem Spidol géife fléien a sech duerno hëlleflos selwer iwwerlooss wäeren. Dat ass net meng Meenung, mä ech héiere se awer éfters. Dës Angschten erlieft een ebe besonnesch bei eelere Leit a se sinn och duerchaus novollzéibar, ëmsou méi, wann déi Leit eleng liewen an och an enger grousser Distanz zum Spidol sech ophalen. Hei muss engersäits méi Wäert op Informatioun vum Public allgemeng geluecht ginn, fir dass den eigentlechen a positive But vun enger ambulanter Behandlung méi bekannt dobaussé gëtt. An da gëtt en och akzeptéiert. Anerersäits muss awer och eng effikass Noversuergung duerch d’Infirmières relais beispillsweis garantéiert a bekannt gemaach ginn.

Eng Iddi, déi ech an deem Kader emol einfach wëilt an de Raum geheien, ass déi vun neie Versuergungsmodeller, wéi zum Beispill deem vum Patientenhotel zu Lausanne, deen 2016 seng Diere wäert opmaachen. Dat ass elo net an deemem Projet virgesinn, ech wëilt et trotzdem nach eng kéier erwähnen, well et am Ausland ufänt, entwéckelt ze ginn.

Hei geet et drëms, de Patient nom Verloosse vum Spidol net direkt heemzeschécken, mä him an enger oppener a frëndlecher Tëschestruktur eng sozial a gesondheetlech Begleitung unzibidden, ouni dass do massiv op d’Doktere muss zrëckgegraff ginn. Dat bis zu deem Moment, wou de Patient seng komplett Autonomie zrëckhuet a säi Wëlle besteet, heemzagoen, ouni dass e sech muss Suerge maachen.

Mir sinn eis natierlech bewosst, dass esou e Modell net vun haut op muer ëmzesetzen ass, an dass en, wéi an der Schwäiz, och muss enger Käschen-Notzen-Analys ënnerzu ginn an dass och eng Rei Prozeduren hannendru muss geregelt sinn. Jiddwerfalls si mir iwwerzeegt, dass Modellere wéi deen do, déi jo elo am Ausland entstinn, virun allem der wuessender Zuel vun eelere an elengstoende Leit,





awer och deene Leit, déi manner mobill sinn, zegutt géife kommen. Dee Moment wär de Problem vum Transport schonn d'office geléist, well se bräichte sech net méi ze déplacéieren.

E leschte Punkt, deen ech dann nach wéilt kuerz erwähnen, ass dee vum Traitement vun der Douleur chronique, der sougenannter Algologie. Well des Problematik op eis Demande hin - dofir soen ech och Merci - um Ordre du jour vun enger nächster Santéskommissioun steet, wéll ech deser Diskussioun net virgräifen.

Ech wéilt awer drop hiweisen, dass sech dem Cercle d'algologie no eng Rei Problemer an deem Beräich stellen, och an der Zitha. Beispillsweis leien d'Waardezäite fir en éischte Rendez-vous fir den Traitement vun der Douleur chronique an der Zitha bei véier bis fënnef Méint, während de Remboursement nach just de Kribspatienten a Leit a graver Détresse zeguttkënn.

Am Kontext vun dësem Projet de loi werfen ech déi Fro op an ech wéilt wëssen, wéi et mat der Schmäerztherapie an der Zitha weidergeet respektiv wéi eng Mëttelen a Zukunft fir des Disziplin fräigesat wäerte ginn. Och do menge mer, dass mer do e groussen Apport zu der Preventioun kéinte bréngen.

Wat d'Zukunft vun der Clinique Sainte-Marie zu Esch ubelaangt, wäerte mir och déi Fro an enger folgender Kommissioun mat der Petitiounskommissioun behandelen, soudass et och net drëms geet, elo scho laang driwwer ze schwätzen. Déi Geleëenheet wäert sech erginn.

Duerfir just kuerz: Als Gréng si mir ganz frou, dass d'Madame Minister schonn Aussoe gemaach huet. Si huet gesot, dass si um Erhalt vun den Aarbechtspläze festhält. An dat begrësse mer ganz staark.

Eisen zousätzleche Wonsch ass awer deen, dass d'Diskussioun ronderëm d'Clinique Sainte-Marie sech net just op déi Personalfro beschränkt, quitte dass se muss zum Gudde geléist ginn. Mir mengen, et wier och un der Zäit, fir iwwert d'Zuel an d'Form vun dréngend gebrauchte Geriatrien ze schwätzen, queesch duerch d'Land, net nëmmen zu Esch, mä am ganze Land.

Eis demografesch Entwécklung mam massiven Zouwuess vun eeleren, vulnériblen an oft eleng liewende Mënsche verlaangt ganz einfach, dass mir eis méi wéi jee mat deem Phänomeen auseruesetzen a Verantwortung iwwerhuelen an alle Regiounen vum Land.

Dat gesot, kommen ech zrëck an d'Stad a bei d'Zitha a wënschen dem neie Chantier e flotten, einfachen Oflaf an hoffen, dass en 2020 da fäerdeggestallt gëtt, dass sech keng weider technesch Problemer stellen, a gi selbstverständlech och den Accord vun der grénger Fraktioun.

Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madame Lorsché. Dann huet d'Wuert den Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, just e puer Wuert. Als Zentrumsdeputéierten an nach vill méi als Stater Bierger kann ech natierlech d'Modernisatioun vun der Zithaklinik nëmme begrëssen. Si gouf 1925 opgemaach, zu engem Zäitpunkt, wou dee Quartier nach sou-

zesoen e Randgebitt war vun der Stad Lëtzebuerg, och wann en deemools schonn a voller Expansioun war. Haut läit dëst Spidol awer matzen an der Stad an ass och nach no bei der Gare.

Schonns eleng aus deser Ursach ass et derwäert, des Klinik mat deenen néidege Moyenen ze ënnerstëtzen, fir datt se sech op hirem aktuelle Site ka moderniséieren a vergréisseren, och wann des méi grouss Efforten an der Planung an och bei de Käschte mat sech bréngt, wéi wann een op enger grénger Wiss géif eppes Neies bauen. Grad well des Klinik esou zentral läit, muss och derfir gesuergt ginn, datt all déi néideg Servicer do ënnerbruecht ginn.

An do muss ech ausdrécklech bedauern, datt viru ronn zwee Joer den Zentrum fir chronesch Schmäerzen, de Centre antidouleur huet missen zougemaach ginn, mangels Ënnerstëtzung säitens dem Gesondheetsministère.

An ech schléisse mech do der Fro vun der Kollegin Lorsché un d'Ministesch un, wou deen Dossier drun ass a wéi deene Leit an Zukunft besser ka gehollef ginn.

Och wann d'Medezin Fortschrëtt mécht an ee glécklecherweis hautdesdaags ëmmer manner Zäit an de Spideeler läit: Mir brauche Spideeler a mir brauche Better an de Spideeler. Dëst och, well ons Bevëlkerung rasant wüsst, a grad hei an der Stad Lëtzebuerg, wou mer jo elo wäit iwwer honnerttausend Awunner hunn.

An och am Gesondheetswiesen ass Konkurrenz gesond, eiser Meenung no. An et wier net gutt, wann alles géif zentraliséiert a staatelech gelenkt ginn. De Patient huet an eisen Aen och e Recht op de fräie Choix vum Dokter. An och den Dokter soll de fräie Choix hunn, ob e säi Beruff wëllt als Indépendant oder als Salarié ausüben.

Mir stëmmen hei iwwer ee Projet vun eppes iwwer 55 Milliounen Euro of, Geld dat sënnavoll ugeluecht ass an eisen Aen, an duerfir bréngen ech den Accord vun der ADR-Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. A leschte Riedner ass den Här Serge Urbany.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll direkt virausschëcken, dass mer dee Projet hei och stëmme wäerten.

D'Zithaklinik ass en traditionellt Stater Spidol, dat eenzegt Quartierspidol am Fong geholl, wat am Zentrum vun der Stad nach iwwreg bliwwen ass. Ech wëll natierlech och erënneren un déi Motioun am Stater Gemengerot 2013, wou et ëm den Erhalt gaangen ass vun der Polyclinique an och ëm genügend medezinesch Aktivitéiten am Garer Quartier.

Dat war jo um Ufank vun der Fusiounsdiskussioun, déi ugefaangen huet mam Spidol um Kierchbiereg. Haut si mer um Punkt ukomm, wou den Erhalt, d'Moderniséierung an och d'Vergréisserung vum Spidol an engem Projet konkretiséiert ginn, un deem sech de Stat mat maximal 55 Milliounen bedeelegt.

Ech mengen och domat, dass schlecht Erfahrungen aus der Vergaangenheet mat deene selwechte Bedreier, wéi zum Beispill wat de

bekannten Operationsroboter ugaangen ass, wou Décisiounen geholl gi sinn ouni Accord vum Gesondheetsministère, dass déi Zäiten op jidde Fall an deem heite Fall eriwwer sinn.

Hei ass diskutéiert gi fir d'Éischt emol iwwer e Konzept, an eréischt, wéi dat Konzept virlooch a verännert ginn ass, ass och dee Projet de loi hei definitiv weidergedriwwen ginn um Instanzewe.

Ech wëll elo net op d'Aktivitéiten an deem neie Spidol agoen. Ech wëll just eppes soen zu de Kritikken vun engem vun den Doktere vun der Klinik, déi dee gemaach huet an der Zeitung „Quotidien“ den 19.1.2015. Den Dokter Hirsch, Rhumatologue, huet de mangelnden Dialog kritiséiert säitens vun der Direktioun vun deem neie Grupp, zu deem d'Zitha elo gehéiert, dem Groupe Robert Schuman. E fäert, dass déi, wéi e seet, „participativ Gestionsstraditioun a -kultur“ an der Zithaklinik sech net wäert ermënnen an deem neie Grupp. An e fäert och, dass den Equipéegeschicht an deem „grousse Schluss“, wéi e seet, dat elo besteet aus véier Sitten, wäert verluer goen.

A wann een e bësse weess, wéi och d'Gestionspraktik si vun deem Grupp do, da muss ech soen, muss een tatsächlech fäerten, dass eng relativ intransparent, kommerziell ausgeriichten an technokratesch Denkweis an deem Grupp do Iwwerhand hält, an zwar net nëmme vis-à-vis vun den Dokteren, mä och vis-à-vis vum Personal. Mir mengen och, dass deen neie Spidolsplang an och déi nei Gesondheetspolitik éischter déi Erugoensweis do, déi technokratesch Erugoensweis fërdert.

Mir hate scho Geleëenheet, beim Débat iwwert dee Spidolsplang den 19. November 2014, op déi eenzel Aspekter dovunner anzegoen. Mir hatten déi generell a mechanesch Reduzéierung vun den Akutbetter kritiséiert. Et ass keng wierklech Bedarfsanalys deemools gemaach ginn, op d'mannst net virgeluecht ginn. An et sinn deemools an, wéi mer héieren hunn, och haut nach gréisstendeels keng Alternativen a Form vun där versprachener ambulanter Medezin virgeluecht ginn. Wann do an der Zithaklinik an de leschte Joren eng aner Praxis war, kann een dat nëmme begrëssen.

Mir fannen och, dass d'Schleissung vun der Clinique Sainte-Marie, an dat huet och mat deemselwechte Grupp ze dinn, eng schlecht Iddi ass, well se deenen Aarbechtsplazen, deene villen Aarbechtsplazen an deene verschiddenste Beräicher, déi et do gëtt, keng sécher Perspektive fir d'Zukunft bitt. A mir mengen och, dass e Besoin wier, fir dat Spidol zu Esch bäizebehalen.

Mir hatten och kritiséiert, dass d'Personal net an d'Qualitéitskontroll géif agebonne ginn an de Spideeler. Mir stellen allerdéngs fest, dass an deem neie Reglement do eppes derbäikomm ass iwwert d'Participatioun och vun de Vertrieeder vum Personal an dem Contrôle bei de Comités d'évaluation, a mir fannen dat eng gutt Saach.

Mir hunn deemools d'Kierzung vun der Enveloppe vun der Gesondheetskeess bedauert. Mir hunn eis och skeptesch gewise par rapport zu den „Fallpauschalen“, wéi dat heescht, déi an der Maach sinn an déi riskéieren, zu enger Zwouklassemedezin ze féieren.

Mir hunn och op de käschtrendreiwenden Afloss vun der liberaler Medezin higewisen a

gefrot, d'Méiglechkeet ze schafen, fir méi Dokteren net am liberale Statut, mä am Salariatsstatut anzustellen. A mir mengen, dass dat eng Formel wier, déi ee sech och misst iwwerleeën, wann elo déi nei Strukturen am Süden zum Beispill kommen, mam Südspidol, déi ee sech onbedéngt méi misst iwwerleeën, well dat och Strukture sinn, an e Verhältnis ass, en Ugestallteverhältnis ass, wat och vill jonk Doktere misst interesséieren.

Mir hu bei där Debatt och op dee groussregionalen Aspekt vun de Spideeler higewisen. Mir mengen, dass een net eleng kann no geografesch an inhaltleche Strukture fueren, déi fir den enke Raum nëmme vum Lëtzeburger Territoire vu Wichtigkeet sinn, mä dass een och muss kucken, wéi d'Situatioun vun de Spideeler ronderëm eist Land ausgesäit.

Mir wëssen, dass verschidde Spideeler zoumaachen, net nëmmen hei am Land, mä och an de Géigende ronderëm. A mir fannen, dass et wichtig wier, dass een an den Iwwerleeunge fir esou ee Spidolsplang méi och géif dee Facteur mat abezéien.

Mir mengen do och an deemselwechte Kontext, dass et weiderhi wichtig ass, och mat den universitäre medezineschen Zentren ronderëm ze kooperéieren, wat d'Ausbildung ugeet. An ech mengen, dass een dat och soll diskutéieren am Kader vun där diskutierter „medical school“, dass déi ganz am Kader och vun der Kooperatioun an der Groussregioun a vun de Complémentaritéiten, déi et do gëtt, muss gesi ginn. Dat dierf net eng nei Standuertdiskussioun an eng nei Standuertkonkurrenz gi mat bestehende Strukture ronderëm.

Mir mengen, dass all déi Froen net geléist sinn an deem neie Plan hospitalier, och net an där Form, wéi en elo virgeluecht ginn ass, no eiser Diskussioun. Mëttlerweile läit jo och den Avis vun der Chambre des Salariés vir zu deem Reglement. D'Chambre des Salariés huet hiren Désaccord dran ausgedréckt a fuerdert eng, wéi si seet, Remise à plat mat allen implizierten Akteuren. An dat ass och meng Konklusioun am Fong geholl haut.

Dat huet awer näischt ze di mat deem konkrete Projet, deen eis hei virläit an dee mer wäerte stëmme, trotz alle Kritikken, déi ech hei ubruecht hunn um Groupe Robert Schuman, zu deem e gehéiert, an un der Regierungspolitik.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Domat si mer um Enn vum Débat an d'Madame Gesondheetsministesch Lydia Mutsch huet d'Wuert.

**Prise de position du Gouvernement**

► **Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé.** - Merci, Här President. Déi vill a gutt Interventiounen, virun allem den detailléierte Bericht vun der Rapportrice vum Projet erlabe mir et, fir zimlech kuerz ze sinn. Ech fannen, dass hei konstruktiv Ausféierunge vun alle Säite komm sinn, déi mer natierlech op verschiddene Plaze mat op de Wee huelen.

Mir sinn en attente vum Avis vum Statsrot zu eise Plan hospitalier. Mir hunn elo an deenen nächste Wochen eng ganz Rei vu Réuniounen vun der Chamberskommissioun, ënner anerem fir iwwert d'Fro vun der Douleur ze schwätzen, ënner anerem fir iwwer aner Spideeler ze schwätzen, d'Sainte-Marie, déi iwwert de Spi-

■ L'actualité parlementaire sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)


■ Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).

■ La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu), avec quiz, information et vidéo.

■ L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre [www.chd.lu](http://www.chd.lu).

■ Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).

■ De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.



d'Chamber online op  
[www.chd.lu](http://www.chd.lu)





dolsplang fir déi nächst fënnef Joer jo ofge-sécherert ass. Dofir erluben ech mer, kuerz op déi verschidden Interventiounen anzegoen.

Ech wëllt gären de Bau, den Neibau oder d'Moderniséierung vum Spidol am Garer Quar-tier, der ZithaKlinik, an de Gesamtkontext vun engem Secteur setzen, dee sech enorm verän-nert huet an deene leschte Joren. Grouss Fu-siounsprozesser, déi stattfonnt hunn, eng nei Regierung, déi sech agesat huet, fir déi Häiser, déi mer hunn, ze moderniséieren. Am Duerchschnëtt flëssen iwwer 30 Milliounen pro Budgetsjoer an de Fonds hospitalier, deen dat Instrument ass, wou iwwer 80% vun de Spidolsinvestitiounen getätegt ginn.

An ech wëll hei soen, dass mer an deenen nächste Joren, virun allem iwwer 2017 eraus, dee Fong massiv mussen zousätzlech alimen-téieren, fir dass déi vill Modernisatiounen an och Neibauten, déi mer um Instanzewee hunn, ech denken net nëmmen un d'ZithaKlinik, mä ech denken och un dat neit Südspidol, eise CHNP, d'Rehaklinik...

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann ech gelift!

► **Mme Lydia Mutsch**, *Ministre de la Santé*.- Ech denken awer och un den Neibau vum CHL, dass mer dat och an der Zukunft kënne maa-chen. An ech zielen do op de Support vun der Chamber, wann et herno ëm déi Diskussiounen och geet.

Bon, wat d'ZithaKlinik selwer ubelaangt, esou ass hei vun alle Säite betount ginn, dass et e ganz dynamescht Quartiersspidol ass mat engem exzellente Ruff. Ech kann dat nëmme bestätegen. Dat ass eng wierklech gutt ge-fouert Klinik ëmmer an der Vergaangenheet gewiescht. An et ass och nach ëmmer de Fall. Et ass eng Klinik, déi och zum Deel schonn dat préparéiert huet, wat am neie Plan hospitalier ugeduecht ginn ass an och schonn agefloss ass. Ech denken do zum Besspill un de Virage ambu-

latoire.

Elo ass natierlech, an ech kann dat ëmmer nëmmen ënnersträichen, d'Instrument vun engem Plan hospitalier dat, wat et ass, nämlech e groussherzoglecht Reglement, wou mer net all konzeptuell Diskussiounen dra kënne verpa-ken, déi mer gäre géifen. Do bleiwen nach vill Diskussiounen op, déi mer op engem anere Plang musse féieren. Ech denken un eist Spidolsgesetz, wat mer mussen op de Leescht huelen a wou dann och esou Iddien, wéi déi, déi hei op den Dësch komm sinn an déi iwwert d'Referenzen an d'Definitiounen, déi an deen Plan hospitalier agefloss sinn, nach mussen zousätzlech an eis Gesetzter erakommen, wou mer dat och nach kënne maachen.

Zum Projet selwer wëll ech Merci soen, dass mir am Fong den Aval kritt hunn, fir déi Klinik kënnen ze moderniséiere fir e Gesamtkäschte-punkt vun 62,6 Milliounen, wat vill Sue sinn, awer gutt investéiert Suen, déi gebraucht ginn, virun allem och gebraucht ginn an deem dote Quartier.

An deem Zesummenhang gouf och hei d'Fro gestallt, wat d'Addictologie ugeet. Bon, hei kann ech lech rassuréieren, dass am Concept médical, deen de Gesamtgrupp eis am Sum-mer d'lescht Joer virgestallt huet an am Hierscht d'lescht Joer confirméiert huet, de Pôle psychiatrique massiv ausgebaut gëtt, virun allem um Site vum Kierchbiere, awer dass och e Service virgesinn ass, deen exklusiv sech ëm d'Addictologie këmmert an déi d'Offre de soins iwwert d'Policlinique complétéiert an dowéinst grad an der ZithaKlinik, an engem awer net ëmmer ganz einfache Quartier, hir Daseinsbe-rechtung huet.

An ech mengen, dass dat och e ganz wichte-gen Deel ass vum Gesamtkonzept vun der Psy-chiatrie adulte an och vun engem Service na-tional de psychologie juvénile, wou dat heiten natierlech e wichtege Bestanddeel dovunner ass. An ech mengen, dat wier och déi richteg

Plaz, fir dat virzegesinn. Do hu mer eng Sëtzung virgesinn.

Am Plan hospitalier sinn zwee Services de la douleur virgesinn, dovunner een an der Zi-thaKlinik, an Zesummenaarbecht mam Re-hazenter. An dat, mengen ech, wier och e ganz wichtege Message an och eng wichteg Ausrichtung vun deem Haus, wat an der zukünftiger Spidolslandschaft seng Positioun domat stäerkt, an och duerch déi Modernisa-tioun an déi Extensioun, déi mer maachen, säi Stellwäert an där Spidolslandschaft nach wei-der ënnermauert.

Ech wëll ofschléissend - mat alle Froen, déi mer nach zousätzlech an den nächste Wochen a Méint kënnen tranchéieren - nach eng Kéier hei soen, dass et wierklech eng ganz gutt ge-fouert Gesondheetskommisssioun ass, déi mer hei an der Chamber hunn, mat ganz konstruktive Virschléi, net nëmmen am Zesum-menhang mat eise Spidolsgebailechkeeten, mä och am Zesummenhang mat deenen aneren Instrumenter, déi mer hunn, fir eis Offre de soins hei zu Lëtzebuerg kontinuéierlech ze mo-derniséieren an eis Spidolslandschaft zum Gudde vum Patient weider auszubauen.

An duerfir geet mä grouse Merci un all d'In-tervenanten an un lech, Här President, an un d'Kollege fir d'Nolauschteren. Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och der Madame Minister. Domat si mer um Enn vun den Diskussiounen zu dësem Projet ukomm an ech géif lech proposéieren, zum Vote iwwert den Ensemble vum Projet de loi 6598 iwwerzegoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6598 et dispense du second vote constitutionnel**

An d'Ofstëmmung fänkt direkt un. Déi perséin-lech Stëmmen. D'Procuratiounen.

Sou, elo schéngt et eriwuer ze sinn. Kënnt kee méi bái?

56 Participanten um Vote, 56-mol Jo. Domat ass de Projet eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Glo-den, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Lau-rent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Frank Arndt (par M. Alex Bodry), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. Lex Delles), Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Ro-berto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;*

*MM. Justin Turpel et Serge Urbany.*

An ech froen lech nach just, ob Der bereet sidd, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn.


(Assentiment)

Merci villmools.

Da si mer um Enn vun der Sëtzung ukomm. Rendez-vous muer de Mëtteg ëm zwou Auer fir d'Consultatiounsdebatt.

D'Sëtzung ass opgeheween.

(Fin de la séance publique à 18.32 heures)



Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

## Sommaire

- Ouverture de la séance publique
  - M. Mars Di Bartolomeo, Président
- Question urgente n°1006 de Mme Martine Hansen et de M. Félix Eischen relative à la fuite des épreuves communes dans le cadre des conseils d'orientation du cycle 4.2
  - M. Félix Eischen - M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeu-nesse - Mme Martine Hansen - M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
- Débat de consultation «Lëtzebuerg zesummen entwéckelen - Quelle démarche pour un développement spatial durable?»
  - Exosé: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures
  - Débat: M. Michel Wolter (interventions de M. François Bausch, Ministre du Développement du-urable et des Infrastructures, de M. Camille Gira, Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures, et de M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur), M. Yves Cruchten, Mme Josée Lorsché, M. Max Hahn, M. Gast Gibéryen (Mme Josée Lorsché intervient), M. Justin Turpel (inter-vention de M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur), M. Marc Lies, M. Roger Negri, M. Gusty Graas, M. Henri Kox (dépôt d'une motion), Mme Martine Hansen, M. Frank Arndt
  - Prises de position du Gouvernement: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures (interventions de M. Justin Turpel et de M. Michel Wolter), M. Camille Gira, Se-crétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures (interventions de Mme Martine Hansen et de M. Aly Kaes)
  - Motion: M. Michel Wolter, M. Gast Gibéryen, M. Justin Turpel
  - Vote sur la motion 1 (adoptée)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Félix Braz, François Bausch, Mme Maggy Na-gel, MM. Dan Kersch et Claude Meisch, Ministres; M. Camille Gira et Mme Francine Close-ner, Secrétaires d'État.

(Début de la séance publique à 14.02 heures)

### 1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech maachen heimat d'Sëtzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- Neen, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Justizminister. Ier mer elo op eis Konsulta-tiounsdebatt kommen, proposéieren ech, dass mer d'Question urgente virzéien. Et ass d'Ques-

tion urgente 1006 vun der Madame Martine Hansen an dem Här Félix Eischen iwwert d'Exa-mensfroe vum Zyklus 4.2 an der Grondschoul, déi ëffentlech zirkuléieren.

D'Madame Hansen respektiv den Här Eischen an dësem Fall hu fënnf Minutten Zäit, fir d'Fro ze presentéieren, an d'Regierung, den Er-zéiungsminister, den Här Claude Meisch, huet zéng Minutten, fir dorop ze äntwerten. Här Ei-schen, Dir hutt d'Wuert.

### 2. Question urgente n°1006 de Mme Martine Hansen et de M. Félix Eischen relative à la fuite des épreuves communes dans le cadre des conseils d'orientation du cycle 4.2

► **M. Félix Eischen** (CSV).- Merci, Här Pre-sident. Dir Dammen an Dir Hären, ech géif gä-ren dem Éducatiounsminister eng Fro stellen am Kontext vun der Fuite vun den Examensko-pien am Cycle 4.2.

D'Martine Hansen a meng Wéinegkeet hate scho virun zwee Deeg doriwwer eng Question parlementaire gestallt an de Minister drop op-mierksam gemaach, dass eisen Informatiounen no Kopie vun den Épreuves am Émlaf wieren. Déi Kopie sinn zesumme mat engem Bréif vum Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques vum Éducatiounsministère erausgeschéckt ginn.

Haut dunn huet sech eis Vermutung, déi mer an der Question parlementaire geäussert ha-ten, bestätegt, dat souwuel an der Press wéi awer och vum Här Minister selwer. Souwuel d'Schoulmeeschteren aus dem Cycle 4.2 wéi och verschidden Eltere sinn am Besëtz vu Ko-pien. Well d'Épreuves nach dës Woch an theo-retesch och d'nächst Woch nach sinn, haten elo natierlech verschidde Schüler en Avantage vis-à-vis vun deenen, déi déi Kopie vun den Épreuves net haten.

Wéi de Minister scho confirméiert huet, mussen an esou engem Kontext d'Épreuves nach eng Kéier frësch gemaach ginn. D'Kanner

ginn also zanter Méint op déi Tester prepa-réiert. Et ass u sech och déi éischte Kéier an hi-rer schoulescher Carrière, dass se richtig getest ginn. Fir si, d'Kanner, ass den Timing och kloer gewiescht: D'Fuesent geet et lass, Ouschteren ass et eriwuer.

Ass et engem Kand elo zouzemudden, dee ganze Stress elo erëm eng Kéier vu vir unzefän-ken? Och fir d'Elteren heescht dat zousätzleche Stress.

Elo hunn ech an deem Kontext, Här Minister, e puer Froen un lech. Wéi kann et sinn, dass déi Kopien zesumme mat engem Bréif vum Service de Coordination erausgeschéckt goufen?

An deem Kontext handelt et sech jo dann net ëm eng Pann, wann esou eng Diffusioun mat engem offizielle Bréif gemaach gëtt. Firwat stoung och net „strictement confidentiel“ an deem Bréif dran, a just „pour votre gouverne“?

De Minister sot, dass hien de Méindeg vun dë-ser Fuite au courant gesat ginn ass an dass do-ropshin eng intern Enquête lancéiert gouf. Fir-wat reagéiert de Minister dann eréischt haut? Mir sinn Donneschdeg. Wann de Minister de Méindeg au courant gesat ginn ass, firwat sinn d'Épreuve vun dëser Woch dann net scho geännert ginn?

D'Épreuve ginn also zum Deel nei gemaach, mä déi éischt Tester ginn och elo net all annul-léiert. Wéi ginn dann elo d'Épreuve berechent, déi al, déi nei? Wéi eng Gewichtung hunn déi éischt? A wéi eng Gewichtung hunn déi Épreuves, déi eréischt solle geschriwwen ginn? Firwat gi just d'Écriten nei gemaach an net d'Oralen? Ass et iwwerhaupt richtig, nei Tester ze maachen?

Le mal est fait! D'Kanner sollen also elo dat musse richtbéien, wat e puer verantwortungs-los Erwuessener an Ärem Ministère, Här Minis-ter, an de Sand gesat hunn! Dir sidd hei an der Responsabilitéit,...

(Exclamations)

...wat fir eng Konsequenzen envisagéiert Dir?

Merci.



Rectificatif

5. Ordre du jour

Vote sur l'ordre du jour remplaçant celui publié à la page 329 du compte rendu n°9/2014 2015

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- De Vote ass lancéiert. Perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Mir haten 58 Leit, déi sech direkt oder indirekt um Vote bedeelegt hunn. Den Ordre du jour ass mat 56 Jo-Stëmmen bei 2 Nee-Stëmmen bestätegt.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) et M. Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Roger Negri), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.



Rectificatif

3. 6653 - Projet de loi portant création d'un comité du risque systémique et modifiant la loi modifiée du 23 décembre 1998 relative au statut monétaire et à la Banque centrale du Luxembourg

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6653 remplaçant celui publié à la page 373 du compte rendu n°10/2014-2015

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- D'Ofstëmmung fänkt un. Déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet de loi 6653 ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen, bei 2 Nee-Stëmmen.

Ass d'Chamber bereet...

(Interruptions)

► **Une voix**.- Et war mir ze séier gaangen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ouh? Ech hunn awer 60 Leit, déi ofgestëmmt hunn.

(Interruptions)

Dat ass kee Problem. Et ass jo „Jo“?

► **Une voix**.- Jo, jo!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Okay, Merci villmools! Dat gëtt berücksichtegt. Ech mengen, et ass schonn!

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Nancy Arendt), Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert), Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;


MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany (par M. Justin Turpel).



Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

- Ouverture de la séance publique
    - M. Mars Di Bartolomeo, *Président*
  - Communications
    - M. Mars Di Bartolomeo, *Président*
  - Dépôt d'une proposition de loi par M. Fernand Kartheiser
    - M. Fernand Kartheiser
  - Ordre du jour
    - M. Mars Di Bartolomeo, *Président*
  - 6454A - Projet de loi portant modification de:
    - l'article 15-1 de la loi modifiée du 27 juillet 1997 sur le contrat d'assurance
    - la loi modifiée du 21 décembre 2007 portant
      - transposition de la directive 2004/113/CE du Conseil du 13 décembre 2004 mettant en œuvre le principe de l'égalité de traitement entre les femmes et les hommes dans l'accès à des biens et services et la fourniture de biens et services;
      - modification du Code pénal;
      - modification de la loi modifiée du 27 juillet 1997 sur le contrat d'assurance
        - Rapport de la Commission des Finances et du Budget: Mme Joëlle Elvinger
        - Discussion générale: M. Laurent Mosar, M. Franz Fayot, Mme Viviane Loschetter
        - Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*
        - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6751 - Projet de loi relatif à la mise en application du règlement (UE) n°1215/2012 du 12 décembre 2012 concernant la compétence judiciaire, la reconnaissance et l'exécution des décisions en matière civile et commerciale (refonte) et modifiant le Nouveau Code de procédure civile
  - Rapport de la Commission juridique: Mme Simone Beissel
  - Discussion générale: M. Léon Gloden, M. Franz Fayot, Mme Viviane Loschetter, M. Roy Reding, M. Serge Urbany
  - Prise de position du Gouvernement: M. Félix Braz, *Ministre de la Justice* (intervention de

- M. Serge Urbany)
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6457 - Projet de loi modifiant:
  - la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État;
  - la loi modifiée du 9 décembre 2005 déterminant les conditions et modalités de nomination de certains fonctionnaires occupant des fonctions dirigeantes dans les administrations et services de l'État;
  - la loi du 16 avril 1979 portant réglementation de la grève dans les services de l'État et des établissements publics placés sous le contrôle direct de l'État;
  - la loi modifiée du 15 juin 1999 portant organisation de l'Institut national d'administration publique;
  - la loi modifiée du 30 juin 1947 portant organisation du corps diplomatique;
  - la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisation militaire et
  - la loi modifiée du 10 août 1992 portant création de l'entreprise des postes et télécommunications
- 6458 - Projet de loi transposant certaines dispositions de l'accord salarial du 15 juillet 2011 dans la fonction publique et modifiant la loi modifiée du 22 juin 1963 portant fixation de la valeur numérique des traitements des fonctionnaires de l'État ainsi que des modalités de mise en vigueur de la loi du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État
- 6459 - Projet de loi fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État
- 6460 - Projet de loi modifiant:
  - la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des Chemins de Fer luxembourgeois;
  - la loi modifiée du 18 juillet 2000 ayant pour objet la coordination des régimes de pension
- 6461 - Projet de loi instituant un régime de pension spécial transitoire pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des Chemins de Fer luxembourgeois
- 6462 - Projet de loi fixant les conditions et modalités de l'accès du fonctionnaire à un groupe de traitement supérieur au sien et de l'employé de l'État à un groupe d'indemnité supérieur au sien
- 6463 - Projet de loi fixant les conditions et modalités selon lesquelles le fonctionnaire de l'État peut changer d'administration
- 6465 - Projet de loi déterminant le régime et les indemnités des employés de l'État